N°4536
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4536 vum 24 Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

1. *Ass d'Direction de l'aviation civile iwwert dëse Virfall informéiert ginn, a falls jo, wéi eng zousätzlech Kontroll-, Maintenance- oder Informatiounsmoossname fir Boeing 737-800 Fligere recommandéiert si?*

Den Tëschefall vum 10. Juli 2026 gëtt aktuell vun de griicheschen an amerikaneschen Enquêteautoritéiten am Aklang mat de Bestëmmunge vun der Annexe 13 vun der Internationaler Organisatioun fir Zivilloftfaart (ICAO) ënnersicht. D'Enquête ass nach net ofgeschloss.

Well et sech bei dësem Fall vun engem Motorschued mat Ausstouss vun Fragmenter ëm en isoléierte Fall handelt, ass et de Moment ze fréi fir allgemeng oder spezifesch Moossnamen oder Recommandatiounen auszeschaffen. Et feelen am Moment nach konkret Elementer an Informatiounen, déi aus der lafender Enquête wärten ervirgoen.

Soubal de Besoin fir Informatiouns-, Kontroll- oder Maintenancemoossname festgestallt gëtt, ginn dës a Form vun engem Sécherheetsbulletin *(« safety bulletin »)* vum Hiersteller oder enger Lofttauglegkeetsdirektiv *(« airworthiness directive »)* vun der zoustänneger Zertifizéierungsautoritéit publizéiert. D'Direction de l'aviation civile an d'Operateure vum betraffene Fligertyp kréien dës Kommunikatioune systematesch zougestallt. D'Europäesch Aviatiounssécherheetsagence (EASA) iwwerwaacht d'Situatioun zudems och ganz genau.

2. *Wéi eng Sécherheetsmoossnahmen goufen am Zesummenhang mat dësem Accident fir d'Luxair-Flott getraff?*

D'Luxair huet dozou follgend Informatiounen kommunizéiert:

"Nodeems Luxair vum Virfall Kenntnis krut, gouf iwwerpréift, ob d'Luxair-Flott dovunner betraff kéint sinn. Dobäi goufen déi disponibel Informatiounen, de Maintenance-Status vun de Fligeren an déi applicabel Instruktioune vun den Hiersteller analyséiert.

Dës Iwwerpréiwung huet erginn, datt déi zousätzlech Inspektioun, déi fir eng limitéiert Zuel vu spezifeschen Motore virgesi gouf, d'Luxair-Flott net betrëfft. Et si momentan och keng zousätzlech Inspektioune néideg. Déi bestoend Kontroll- a Maintenanceprogrammer ginn onverännert weidergefouert. Déi fir d'Luxair-Flott virgesi präventiv Modifikatioune sinn an der Maintenanceplanung integréiert a ginn innerhalb vun de virgeschriwwene Fristen ëmgesat.

Och, op operationellem Plang ass Luxair op esou aussergewéinlech Situatioune virbereet. Änlech Noutsituatioune gi schons laang reegelméisseg am Simulator trainéiert. Op Basis vum betraffene Virfall huet Luxair elo zousätzlech eng spezifesch Simulator-Trainingssequenz entwéckelt, déi all d'Pilote vun der Boeing-737-Flott an de kommende sechs Méint absolvéiere wäerten.

Op Basis vun den duerchgefouerten Iwwerpréiwunge gëtt et aktuell keen Element, dat d'Lofttauglegkeet oder de séchere Betrib vun der Luxair-Flott a Fro stellt.

Et ass dofir wichteg, d'Resultater vun der Enquête ofzewaarden an de Virfall net virzäiteg op eng ganz Fligerfamill ze generaliséieren.

Luxair steet am reguläre Austausch mat der DAC a verfollegt all relevant Informatioune vun den zoustännegen europäeschen Autoritéiten, de Fliger- an Motorhiersteller an den Enquêtëautoritéiten. Bis haut goufe Luxair keng zousätzlech obligatoresch Kontrollen oder operationell Restriktioune matgedeelt. All nei Instruktioun oder Recommandatioun géif direkt bewäert an, wann néideg, ëmgesat ginn."

Lëtzebuerg, den 31 August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes